



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.

En eeschte Stroumausfall um Sender Diddeleng, dee wichteg UKW-Frequenze fir Lëtzebuerg (dorënner 88,9 MHz an 100,7 MHz) ausstraalt, huet den 29. September 2025 fir stonnelaang Ënnerbriechunge gesuergt, wéi aus Medieberichter ervirgaangen ass. D'Ursach soll en defekten Noutstromgenerator gewiescht sinn, deen no enger virausgaangener Stroumpann net ugesprongen ass. De Sender Diddeleng ass e wichteg Knuetpunkt an der kritescher Kommunikatiounsinfrastruktur vum Land an ass net nëmme fir d'Radiosverdeelung, mä eventuell och fir aner Servicer, elementar.

Dësen Tëschefall, deen nëmme kuerz nom Ausfall vun engem Deel vun der Post-Infrastruktur geschitt ass, werft fundamental Froen iwwer d'Resilienz an d'Sécherheet vun de nationale kriteschen Infrastrukturen op. D'Regierung insistéiert ëmmer erëm op d'Wichtigkeet, datt d'Bierger sech fir de Krisefall sou gutt wéi méiglech virbereeden, ënner anerem duerch e Batterie-Radio. Wann d'Kärinfrastruktur, déi esou Nout-Informationen ausstraalt, awer selwer scho bei engem classesche Stroumausfall verseet, gëtt d'Glawierdegkeet vun de Sécherheitsstrategië massiv a Fro gestallt. Et ass essenziell ze wëssen, wéi séier d'BCE an de Staat, an hirer Roll als Opsicht iwwer dës kritesch Strukturen, op esou Tëschefäll reagéieren a wéi d'Maintenance vun den Noutfallsystemer geséichert gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng exakt Ursach huet den Ausfall vum Noutstromgenerator um Sender Diddeleng den 29. September 2025 ausgeléist a wéi eng Moosname goufe geholl, fir esou e Feeler an Zukunft auszuschléissen?
2. Wéi ass d'Verbindung vum Sender Diddeleng, deen d'UKW-Frequenzen 88,9 MHz an 100,7 MHz



ausstraalt, am Kader vun de Richtlinne fir kritesch Infrastrukturen (NIS2, asw.) klassifizéiert a wien huet déi operationell Opsiicht iwwer d'Resilienz vun dëser Arichtung?

3. Wéi vill vun den essentiellen UKW-Sendere mat ëffentlech-rechtlecher Missioun am Land sinn aktuell mat engem voll funktionsfäegen Noutstromsystem (Dieselaggregat, asw.) ekipéiert, deen onofhängeg vum Stroumnetz am Noutfall d'Emissioun garantéiert?
4. Ass et richtig, datt verschidde Regiounen vum Land, wéi Deeler vun Esch-Uelzecht, bei engem Ausfall vum Sender Diddeleng (88,9 MHz an 100,7 MHz) net iwwer alternativ national UKW-Frequenzen (wéi 92,5 MHz an 95,9 MHz) erreicht kënne ginn, an ass eng flächendeckend Noutversuergung iwwer UKW zu Lëtzebuerg garantéiert?
5. Wéi eng Prozeduren a wéi eng Zesummenaarbecht (Staat/Regulateur/Betribler) trieden a Kraaft, fir d'Bierger bei engem Ausfall vun enger kritescher Kommunikatiounsinfrastruktur séier an zouverlāsseg iwwer d'Ursaach an déi weider Entwécklung z'informéieren?
6. Ass d'Regierung bereet, eng déifgräifend Iwwerprüfung vun der technescher Resilienz an der Redundanz vun alle kritesche Kommunikatiouns- an Informatiounsinfrastrukturen (Radio, Telekommunikatioun, Datenzentren) an Zesummenaarbecht mat den Agence fir Cybersécherheet an de betroffenen Operateuren ze lancéieren?
7. Wéi eng Investissementer sinn an de kommende Jore virgesinn, fir d'Lëtzebuurger Noutfall-Infrastruktur mat Satellitkommunikatioun an DAB+ weider ze stäerken, fir eng méi zouverlāsseg Redundanz am Krisefall ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

